N° 5233
Reçue le 17.12.2021

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

Äntwert vun der Madamm Gesondheetsministesch op d'parlamentaresch Fro n° 5233 vum 15. November 2021 vum honorabelen Députéierten Här Sven Clement.

1. Wéi laang musse Patienten aktuell an der Moyenne waarden, bis si e Rendezvous bei engem Orthoped/Réckespezialist kréie kënnen?

De Gesondheetsministère huet keng Relevëen déi iwwert d'Waardezaiten fir en Rendez-vous bei engem Spezialist ze kréien renseignéieren.
D'Délaien hänken prinzipiell vun der Pathologie vum eenzelnen Patient of an d'Rendez-vous'en ginn deementspriechend programméiert.

2. Wéi eng Waardezäit wär der Regierung hirer Aschätzung no hei medezinesch vertrietbar?

Et ass net méiglech eng generell Äntwert op dës Fro ze ginn. Verschidden Interventiounen kënnen net waarden a mussen direkt ausgefouert ginn, anerer kënnen zu engem spéideren Zäitpunkt ausgefouert ginn andeems an enger éischter Phase d'Symptomer behandelt ginn. Heiansdo sinn och verschidden Waardezäiten néideg (minimal Waardezäit fir eng informéiert Zoustëmmung an der ästhetescher Chirurgie, noutwenneg Waardezäit bedéngt duerch d'Spezifizitéit vun Behandelungen, z.B wann een zwëschen zwou Interventiounen en gewëssen Délai ofwaarden muss asw.). Eng kloer a transparent Patienteninformatioun ass an alle Fäll ëmmer wichteg.

3. Wat gëtt gemaach, fir d'Waardezäite bei orthopedeschen Ënnersichungen ze verkierzen?

Wéi an der Äntwert op d'Fro 2 erkläert, ass et net méiglech generell op dës Fro ze äntweren. En Fonctioun vun den Ënnersichungen kënnen verschidden Délai'en matspillen.

Lëtzebuerg, den 17. Dezember 2021

D' Gesondheetsministesch

(s.) Paulette Lenert